



NEWSLETTER DEZEMBER 2021



MINETT UNESCO BIOSPHERE



Léif Frënn vun der Minett UNESCO Biosphere,

D'Joer 2021 geet esou lues awer sécher op en Enn. An dëser leschter Newsletter vum Kalennerjoer huele mir iech mat **zeréck an déi Vergaangenheet** an där an eiser Regioun nach **aktiv Minett aus dem Buedem geholl** ginn ass.

Mir invitéieren iech den **zweeten Episod** vun eisem Podcast „**Minett Mash-Up**“ z'entdecken.


Mir ginn op déi **offiziell Visitt vun der brittescher Ambassadrice** an a kucken no vir op **Esch2022 – Europäesch Kulturhauptstad**. Fir dëse Projet ass déi ganz Minett UNESCO Biosphere engagéiert an e bréngt eis méi no un eis franséisch Nopeschgemenge vun der CCPHVA.

Mir profitéieren awer och vun der Geleeënheet iech elo schonn **e gesonden a gléckleche Schluss vum Joer ze wënschen**.

Mir hoffen, datt dir d'Feierdeeg, déi elo op eis duerkommen, an der gudder Gesellschaft vun ärer Famill an äre Frënn verbréngen kënt a **freeën eis elo schonn 2022 d'Minett UNESCO Biosphere fir iech a mat iech zesumme virun ze bréngen**.

Är Ekip vum der Minett UNESCO Biosphere.

40. Joresdag



Viru genee 40 Joer ass d'Geschicht vum Ofbau vun der Minett zu Lëtzebuerg op en Enn gaangen. **De 27. November 1981** gouf mat der Galerie um **Thillebiérg**, déi lescht Eisenärzminn am Land zougemaach.

Den **Historiker Denis Klein** vum „Musée National des Mines de Fer“ zu Rémeleng kuckt mat eis zeréck op **d'Geschicht vun der Minett zu Lëtzebuerg** an dat vum Ufank vum Eisenärzofbau, iwwert säin Héichpunkt bis zum Schluss vum Dagebau an den 1970er an dem Ofbau an de Galerie viru 40 Joer.

[DÉI GANZ GESCHICHT](#)

Minett Mash-Up: Lisa Junius



Am **zweeten Episod** vum «Minett Mash-Up» geet et op den **Escher Gaalgebierg**.

Am Kiosk vum Park hunn d'Presentatricë vum Podcast, dee vun der **Minett UNESCO Biosphere zesumme mam MUAR an dem ik-CNCI** verëffentlecht gëtt, mat der **Kënschlerin Lisa Junius** getraff, déi de Kiosk am **PAUK** vun der Stad Esch an hirem typesche Style zu engem Konschtwierk gemaach huet.

Wéi d'Lisa Junius hiert Talent entdeckt huet, wéi et sech als Independent zu Lëtzebuerg lieue léisst a wat de Minett, respektiv de **Kiosk um Escher Gaalgebierg**, fir si bedeit, huet d'Kënschlerin eis verrod.

[LAUSCHTERT DE PODCAST](#)

Offiziell Visitt



Den 12. November war **hir Exzellenz, d'Madamm Fleur Thomas, brittesch Ambassadrice zu Lëtzebuerg**, op Besuch an der Minett UNESCO Biosphere.

Kuckt d'Impressiounen vun dësem Besuch bei deem d'Madamm Thomas och eng Entrevue mam Minister fir d'Landesplanung, Claude Turmes, zu Lasauvage hat.

[ARTIKEL IWWERT D'VISITT](#)

Zoom MINETT - e Reesguide fir Esch2022



En Donneschdeg, 8 Woche virum Start vun der europäescher Kulturhauptstad, bréngt Esch2022 e **fonkelneie Reesguide iwwert eis Regioun** eraus.

An dësem Guide ginn am Detail **eng ronn 60-Plazen an Attraktiounen** presentéiert, déi eis Regioun ze bidden huet an déi dir an nächste Joer (**erëm**)-entdecke kënt.

En **éischte klenge Bléck an dese Reesguide**, deen op däitsch, franséisch an englesch erauskënn, fannt dir schonn op eiser Homepage.

[PREVIEW ZOOM MINETT](#)



6, Ellergronn
L-4114 Esch-sur-Alzette
LUXEMBOURG

+352 261797-1
prosud@prosud.lu
minett-biosphere.com

